



# UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDÉE EN 1935,  
AFFILIÉE À LA FÉDÉRATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

1

## Rapport vun der Sëtzung vum 23. September 2019

Présents : MM: JUNGELS Henri, HEIDERSCHIED Dan, JUNGBLUTH Fredy, BERGER Arsène, GILLES Joël, MORANG Misch, KEISER Claude, SPAUTZ Richard, Mme MORIS Laurence.  
M. DIDIER Lucien, entre en séance à 19:40 h, M. TREIS Laurent, entre en séance à 20:10 h.

### 1. Courrier.

- De Link fir d'Umellungen vun de Championnater XCM um Belval (13. Oktober am Kader vum „Red Rock Challenge“) as aktiv. D'Coureuren déi wëllen do matfueren sollen séch beim Sekretär mellen dee se dann aschreift. Leschten délai as de 7. Oktober ëm 24:00 Auer.
- Mir haten ee Brëif un d'Fédé geschéckt op eng finanziel Hëllef vun hinnen aus méiglech wär, vu, datt kee vum Timing Team FSCL disponibel war oder séch net zougetraut huet eng UCI Course (4. GP Bob Jungels) ze betreien (Transponderen, Zielkamera, asw.). Well eis Ausgab, (mir hate MAXXTime engagéiert fir dës vun der UCI virgeschriwwener Obligatioun vun der elektronischer Zäitmiessung mat Zielkamera, an och KölnTon well bei der Fédé keen Autos-Funk a keen Hand-Funk oberabler war) awer relativ defteg war (3.486,52€) + d'Ausgaben fir d'Funken vu KölnTon (2.946,44€) hate mir dësen Desideratum ënnerbreet. Den CA huet eis matgedeelt, dass d'Fédé do näischt wëllt ënnerhuelen.
- D'Mierscher Gemeng huet eis matgedeelt, datt sie d'Awunner vun der rue des 4 Vents informéiert huet, datt ee Samschdeg, de 5. Oktober dës Strooss vun 7:00 bis 21:00 Auer total gespaart as.
- D'Gemeng huet eis matgedeelt, datt mir een Droit de Cabarettage missten ufroen well hier Konzessioun nëmmen fir d'Sportshal gültig wär.
- Mir hun den Här Benoît Theisen, Sekretär an der Association de l'Organisation du Škoda Tour de Luxembourg, gefrot wéini dass mir eis Partën vun der aller AOTdL géifen ausbezuelet kréien. Mir waarden nach ëmmer op dës Aentwert.

### 2. Grill Weekend zu Käerjeng beim CACTUS.

- De Sekretär hat während dem Praeses sénger Vakanzenzäit, schon deelweis, eng Lëscht vun de Leit déi do déi 2 Deeg hëllefen opgestallt. De Praeses huet dës Lëscht an der Zwëschenzäit vervollständegt an ausgedeelt.
- Den Arsène soll all Geschier wat gebraucht gëtt freides Moies virun 9:00 Auer dohinner féieren. Fir den Oftransport muss nach eng Persoun designéiert gin.

### 3. Cyclo-cross vum 5. Oktober um Krounebiërg zu Miersch..

- Eise Praeses huet mam Bauer Hutmacher geschwaat fir d'Potoën vum Cyclo-cross kënnen stoen ze loossen bis d'Championnater am Januar eriwwe wäeren. Fir dee gréissten Deel wär dat kee Problem. Hien huet séng Kéih schon erausgeholl a mécht eis de Pärchendroht op.
- En Donneschdeg, de 26. September as ëm 15:15 ee Rendez-vous fir d'Streck provisoersch festzeleeën.
- Ab ee Samschdeg, 28. September kommen déi selwecht Leit ëm 10:00 Auer op d'Plaz fir d'Potoën anzehaën. De Sekretär huet de responsabele Fierschter, den Här Guy Gilson, doriwwer informéiert.
- Ongeféier 50-80 Entréesbännerscher musse gratis un d'Awunner, d'Aarbechter vun der Gemeng an d'Gemeengepapp verdeelt gin.
- Et as festgehal gin Fritten an „Thüringer“ Wirschterscher unzebidden. D'Zelt vun der Dippecher Gemeng gëtt opgeriicht an och ee klengt Zelt fir d'Bongenausgab.
- Freides, de 4. Oktober gin d'Zelter opgeriicht, d'Toiletten, etc. Fir d'Nuecht vum Freideg op ee Samschdeg muss eng Firma beoptragt gin fir d'Iwwerwaachung.
- Et gëtt ee Mail un d'Coureure an hier Eltere gemaach fir ee Kuch, eng Taart, oder soss eppes Séisses fir eis Kaffisstuff matzebréngen.
- 5 Wanderkeessen mussen agesat gin.
- De Sekretär informéiert de Komitee, datt d'Madame Marguerite Didier, virun e puer Deeg hier 96 Joer gefeiert huet. Bis vir un 3 4 Joer stoung sie bei all Grillfest (Coursen oder Cactus) um Dill an huet séch nie beschwéiert. Ee grouse Merci un déi dynamesch Mamm vum Luss.
- De Rendez-vous vum 5. Oktober as ëm 7:00 Auer um Krounebiërg.
- Beim Parking vun der Schwämm muss ee Signaleur stoen fir nëmmen Clientën vun Schwämm eranzeloossen. Do dierf kee Coureur séch parken an och soss kee vun eis.
- De Parking vun de Coureuren as bei der Schoul oder beim Kannerduerf (kuurze Fousswee bis bei d'Sportshall).

### 4. Eis nei Gefierer vum Grage THOMMES.

- Et as ee Renaultschâssis mat duebeler Cabine bestallt gin. Bei enger spezialisierter Firma gët eng Këscht dropgesaat mat enger Zort „Windabweiser“ (System Alkove) fir d'Material vun de Coureuren. Et muss opgepasst gin datt d'Gewiicht ënner 3,5 t bleift. D'Camionette gëtt ganz a wäisser Faarw geliwwert a mat engem 2 L-Dieselmotor Euro 6 temp a mat 132 KW.
- D'Cabine as virgesin fir 6 oder 7 Plazen mat engem Gesamtgewicht vun 3,5t (Käschtepunkt ~45.000,00€).
- Mir loossen eng „Eberspächer“ Standheizung abauen an eng Marquise. Déi Fraisën iwwerhëllt de Klub komplett. Fir d'Marquise freet de Garage Thommes 2 Offeren un.
- Eise Kombi „RENAULT Laguna“ gëtt duerch ee wäissen Kombi „RENAULT Talisman“ ersat, dësen och mat engem 2 L Dieselmotor Euro 6temp mat 132 KW. Et muss nach kontrolléiert gin op de Porte-Vélos vum Laguna och op den Talisman passt.
- D'Autoë gin direkt mat 3 Schlëssele geliwwert.
- D'Publizitéitsfirma GRILLO vun Dippech bräicht eng Maquette (Croquis mat 4 Säiten) vun den 2 Autoën fir d'Publizitéit kënnen ze préparéieren.
- Et as virgesin eis 2 nei Ween fir Enn Mäerz oder Ufanks Abrëll ze liwweren.

### 5. Transfers.

Den Tristan Parrotta huet een Transfert ugefroot fir bei CC Chevigny an enger régionalen Equipe kënnen ze fueren. De Programm fir d'Espoiren as beim CC Chevigny esou villsäiteg a komplexe, datt de Lucien Didier him geroden huet dee Schrëtt ze maachen. De Sekretär bekëmmert séch ëm dat Administrativt.

Den Tom PAQUET, aus engem franséische Veräin (HETTANGE-GRANDE) mécht säin Transfert gären op Dippech. Hie behält awer séng franséisch Lizenz well hien nach ëmmer am Frankräich wunne bleift mee do steet elo als Klub UC Dippach.

- D'Laurence Moris deelt eis mat, datt do Fraisën fir Comité Grand-Est opkommen vun 195,00€ an 400,00€ fir de Veräin vu Grousshätteng plus d'Fraisën fir déi franséisch Lizenz mat engem Lëtzebuerger Veräin sin 80,00€.

Well et ee gudd Coureur as an och oft mat der FSCL an der Nationaléquipe matgeholl gëtt as de Komitee d'accord fir dës Fraisën ze iwwerhuelen.

De Sekretär bekëmmert séch ëm dat Administrativt.

An der Zwëschenzäit huet dem Mika Stammet séng Mamm mat mir geschwaat, datt de Mika wëllt op Bartréng wiesselen. Sie huet scho mam Här Carlo Finzi geschwaat a vun him aus as do kee Probleem. De Grond vum Wiesselen as well Bartreng elo erem vill jugendlech Coureuren huet a séng Trainingen **Samschdes Moies** mecht, a wéint verschidde Kollegen aus dem LG Bartréng déi zesummen mat him zu Mamer am classesche Lycée an der selwechter Klass setzen.

N.B. Ech hat scho mam Pascal Stammet gechwat (an der Béierhaascht) fir d'Missioun vum Dokter am nächsten GP Bob Jungels ze iwwerhuelen a krut do vun him zougesoot. Well Bartréng jo keng International Coursen organséiert dierft dat kee Problem sin. Um CX schwätzen eech mat him iwwer dës Missioun.

## 6. Verschiddenes.

3

- Fir eisen **INDOOR CYCLING** zu Miersch an der Sportshall Freides, de 16. November, laafen d'Beméihungen fir d'Umellungen mat der Verdeelung vun de Spinningsrieder bei SPORT50 op Héichtouren.
- Behandlung vun de VIP an eise Sponsoren?
- Inviatioun un d'Regierung.
- De Praeses deelt eis mat, datt nach 5 Annoncen fir 250,00€ feelen.
- Eis **NÄCHST EVENEMENTER** kommen elo endlech alleguer op eise Site stoen.
- Well fir u 4 Joer eis Championnater am Cross zu Miersch fir Sonndes, den 12. Januar 2020 ugefrot goufen, an an der Zwëschenzäit dat Evenement soll Samschdes, en 11. Januar 2020, iwwer d'Bühn lafen mécht de Sekretär dat Administrativ mat der UCI an der FSCL. Vun der UCI krute mir den OK an an 2 oder 3 Deeg as den Datum um UCI Kalenner verbessert. De nächsten Mëttwoch as CA an da geschitt do, noutgedrongen, dat selwecht op eisem Kalenner.
- Mir sollen den Här **SERGE HAAG**, deen d'Missioun als Praeses vum UC Dippech iwwerhuele wëllt ab Mëtt Januar 2020, op eis nächste Sëtzung invitieren fir och déi aner Memberen aus dem Conseil d'Administratio kënnen ze léieren. Dat as vum Sekretär gemaach gin an den Här Haag freet séch fir dohinner ze kommen.
- De Sekretär deelt eis mat, datt vun 218 Invitéierter séch der 112 fir **d'SPONSORSIESSEN an der BÉIERHAASCHT** ugemellt haten, a 64 haten séch entschëllegt an 2 hate vergiess ze kommen.
- D'Laurence Moris huet eng Lëscht un d'Coureure geschéckt mat de Besetzungen vun de **MATERIALPOSTEN an de CYCLO-CROSSEN bis Enn Januar** (d'Botzen vun de Vëloën mam Héichdruckapparat).
- **HALLENTTRAINING.** D'Laurence Moris deelt eis mat, datt den Halentraining ab Donneschden, de 17. Oktober, vun 18:00 bis 20:00 Auer mam Laurence, Marc a Luss erëm ugeet. De Sekretär huet d'Coureuren an d'Gemeng schon avertéiert, souwéi déijéineg Memberen déi och wellen dohinner kommen.

Ëm 21:40 Auer war d'Reunioun eriwwer.

**Eis nächste Sëtzung as e**

**Méindeg, de 21. Oktober ëm 19 :00 Auer.**

Adresse, 64A, route de Luxembourg, 1 Stack lénks.



# UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDÉE EN 1935,  
AFFILIÉE À LA FÉDÉRATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

4

## Dagesuerdnung vum 21. Oktober ëm 19:00 Auer.

1. Courrier.
2. Débriefing vum Cross.
3. Indoor Cycling vum 16. November.
4. Quid? eis nei Uniformen fir déi nei Stroossesaison (Mäerz 2020).
5. Quid? eise neie Sekretär. (schwätze mat him um CX).
6. Championnater am CX Samschdes, den 11. Januar 2020.
7. Miscellaneous.

Den définitiven Programm kënnt, wann ech dem Praeses séng Desirata vum OJ matgedeelt krut.